LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5616 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup

Ad 1)

Et ginn effektiv Reegelen, déi d'Zuel vun de Redoublementer limitéieren. Wann Echecken sech cumuléieren, ass eng Progressioun op engem Niveau, deen de Capacitéite vum Schüler besser entsprécht, méi sënnvoll. Hei ass virun allem eng gutt Orientéierungsaarbecht erfuerdert.

Ad 2)

Dësen Tableau wéist, wéi d'Schoulofbréch sech bei de Mannerjäregen an de leschte Joren entwéckelt hunn:

ÉVOLUTION DU NOMBRE DE DÉCROCHEURS PAR RAPPORT À LEUR ÂGE		
Année scolaire	***Nombre décrocheurs 16-17 ans***	***Nombre décrocheurs 17-18 ans***
2014/2015	216	436
2015/2016	283	346
2016/2017	240	409
2017/2018	245	396
2018/2019	222	356
2019/2020	237	275
2020/2021	273	374

Ad 3)

Am Oktober 2021 huet de Luxembourg Institute of Socio-Economic Research (LISER) de Rapport *Regards de jeunes sur leur parcours de décrochage dans l'enseignement général* erausginn, am Optrag vum Service national de la jeunesse (SNJ), dëst am Kader vun senger Missioun, d'Schoulofbriecher ze kontaktéieren an ze begleeden.

Dës qualitativ Etude huet d'Situatioun vun 22 jonke Leit ënnersicht, déi am Alter tëschent 16 an 18 Joer d'Schoul ofgebrach hunn, mam Zil erauszefannen, wat hir Besoine sinn, fir kënnen hir Scolaritéit fortzeféieren. De Rapport sträicht och ervir, datt d'Ursaache vum Schoulofbroch villfälteg sinn an datt d'Mesuren, déi geholl ginn, dëser Diversitéit entspriechen.

Ad 4)

Selbstverständlech hunn d'Schoulofbréch negativ Konsequenzen op d'Lëtzebuerger Wirtschaft. Eis Betriber wëlle sou wäit ewéi méiglech gutt ausgebilte Mataarbechter. Och riskéieren d'Schoulofbriecher spéiderhin de Staat deier ze ginn, wat zum Beispill Chômage oder d'Sozialversécherung ugeet. Ma eigentlech leie mir nach vill méi déi perséinlech Schicksaler vun deene Leit um Häerz. Jidder Schoulofbroch ass dramatesch an d'Resultat vu gréissere Problemer, deenen de

Jonke virdru begéint ass, sief et schoulescher, sozialer oder gesondheetlecher Natur. No engem Schoulofbroch hunn déi Persounen hiert Liewe laang domadder ze kämpfen, datt si keen Ofschloss hunn, a si riskéiere permanent d'Prekaritéit, et sief, si schloen den zweete Bildungswee an, dee jo zu Lëtzebuerg net nëmmen an der École nationale pour adultes (ENAD), ma och mat den Offere vum Service de la Formation des adultes (SFA) aussergewéinlech gutt ausgebaut ass.

Ad 5)

Wann d'ENAD an den SFA bis elo riskéiert hunn, un hir Grenzen ze stoussen, gouf ëmmer nees fäerdeg bruecht, d'Offer ze vergréisseren. Déi zwou Strukture schaffe mateneen an ergänze sech. Am Bauteprogramm vu mengem Ministère mam Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten ass een neit, vill méi grousst Gebai an der Stad fir den zweete Bildungswee virgesinn. Des Weidere wäerten och an noer Zukunft Ausbildunge vum zweete Bildungswee am Süde vum Land ugebuede ginn. Och an der Nordstad wäert déi eng oder aner Offer opgebaut ginn.

Lëtzebuerg, den 28. Februar 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH